



Speziell Konditioune fir d'Organisatioun vu Weekender a Campen

Wéinst der Covid-19 Pandemie leet d'Commissaire générale, entspreechend dem Art. 8.3 vum LGS-Reglement Nr 13, folgend aussergewéinlech Konditioune fir d'Organisatioun vu Weekender a Campen fest :

Ausmooss

Dës aussergewéinlech Konditioune betreffen all Weekender a Campen déi tëschent dem 14. Juli an dem 16. September 2020 statt fannen.

Plaz

E Weekend oder Camp kann nëmmen zu Lëtzebuerg ofgehalen ginn.

Participanten

Et dierfe maximal 50 Kanner oder Jugendlech a maximal 10 Cheftainen a Chefs um Weekend oder Camp deel huelen.

Administratives

E Camp gëtt vum responsabele Chef op d'mannst 2 Woche virum Ufank vum Camp am Verbandssekretariat ugemellt.

Weider Konditioune

All Bestëmmunge vum LGS-Reglement Nr 13, déi duerch dës speziell Konditioune net betraff sinn, bleiwe weiderhi gëlteg.

Zousätzlech Konditioune oder Recommandatioune, déi vun der Regierung decidéiert ginn, si während de Weekender a Campen anzehalen.

Zäitraum vun dëse Konditioune

Dës speziell Konditioune gëlle vun deem Zäitpunkt un, wou se de Cheftainen a Chef iwwer Newsletter matgedeelt goufen, bis se vun der Commissaire générale nees ganz oder deelweis opgehewe ginn. Spéitstens de 16. September 2020 verléiere se hier Gëltegkeet.

Anouk Galassi
Commissaire générale

Lëtzebuenger Guiden a Scouten

Verbandscomité

5, rue Munchen Tesch – L-2173 Luxembourg

lgs.lu - Email : comite@lgs.lu





Lëtzebuenger
Guiden a Scouten

Congé jeunesse am Kontext vum Covid-19

Wann ee Congé Jeunesse (CJ) fir de Camp wëll ufroen, muss d'Demande op d'mannst 4 Woche virum Camp gemaach ginn. Wann d'Demande méi spéit erageschéckt gëtt, kann et sinn, datt net all Deeg accordéiert wäerte ginn. Falls dir e Congé jeunesse nach am Juli wëllt huelen, da mellt lech w.e.g. am Sekretariat (269484).

Hei eng Checklëscht fir de Congé jeunesse

1. Camp mam Programm umellen, 4 Woche virum Camp mat Congé Jeunesse (2 Woche virum Camp ouni CJ)

2. D'Demande ausfüllen

Wichtig: De Patron muss ënnerschreiwen an de Kandidat muss ënnerschreiwen! Hei fënns du de Formulaire: <https://chefbox.lgs.lu/chefbox/adminbox/conge-jeunesse/> D'Demande sollt am beschte per Post un Géisserei (5, rue Munchen-Tesch L-2173 Luxembourg) geschéckt ginn. Fir Demanden, déi elo kuerzfristeg sinn, kënnt dir eis är Demande och per Mail eraschécken op info@lgs.lu (den Original muss awer och per Post erageschéckt ginn).

3. Kopie vum Brevet

Wann een um Formulaire ukräizt, datt een de Brevet B oder C huet, muss och eng Kopie vum Brevet dobäi leien. Wann een de Brevet net méi huet, kann een eng Kopie beim SNJ froen: anouk.kopriwa@snj.lu
Et kann een och ouni Brevet de CJ ufroen, mee do ginn net déi 100% vun den ugefroten Deeg accordéiert.

4. Delai vun der Demande

D'Demande misst 4 Woche virum Camp bei SNJ ukommen, well d'Verbandssekretariat d'Demande och verschaffe muss, soll d'Demande nach virdrun an der Géisserei ukommen. **Wichtig:** Wann d'Demande méi spéit, wéi 4 Woche virum Camp beim SNJ ukënnt, kann et sinn, datt net all Deeg accordéiert ginn!

Lëtzebuenger Guiden a Scouten

Verbandscomité

5, rue Munchen Tesch – L-2173 Luxembourg

lgs.lu - Email : comite@lgs.lu



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux[®]

VOYAGES
VANDIVINIT
Reisen mat Stil

BIL
BANQUE
INTERNATIONALE
À LUXEMBOURG
1898